N° 6891
Entrée le 23.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.09.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 23. September 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

Nodeem datt den 1. Juli 2021 eng Presentatioun iwwert den Tracé vum Contournement Hesper-Alzeng gemaach ginn ass, an nodeem datt d'Consultation publique de 24. Februar 2022 stattfonnt huet, ass de Bierger zougesot ginn, datt de Regierungsrot nach virun der Summervakanz 2022 eng Decisioun iwwert den definitiven Tracé vun der Strooss géif huelen.

Mir sinn lo kuerz virun der „Rentrée parlementaire" an et ginn nach ëmmer keng Unzeechen iwwert eng definitiv Variant vu Säite vum Regierungsrot.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechte stellen:

- Kann den Här Minister mech driwwer informéieren, wéini de „Contournement d'Alzingen" um Ordre du jour vum Regierungsrot steet?
- Kann den Här Minister Bausch mir soen, wéini déi definitiv Decisioun geholl wäert ginn?
- Sollt nach keng Decisioun iwwert den Tracé an Aussicht sinn, kann den Här Minister Bausch mir d'Grënn dofir nennen?
- De Minister hat de Bierger am Kader vun der „Consultation publique" och zougesot, datt d'Finanzéierungsgesetz iwwert de „Contournement d'Alzingen" nach an dëser Legislaturperiod virun der Summervakanz 2023 wäert gestëmmt ginn. Steet den Här Minister nach ëmmer zu dëser Ausso géintiwwer de Bierger?
    - Wann dat net de Fall sollt sinn, wat sinn d'Grënn heifir?
- Steet eng Positioun am Staatsbudget iwwert de Finanzement vum „Contournement d'Alzingen" fir d'Joer 2023?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Lies

Deputéierten

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

N°6891
Entrée le 04.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6891 vum 23. September 2022 vum Här Deputéierten Marc Lies.**

Entspriechend dem Artikel 8 vum Gesetz vum 29 Mee 2009 (loi du 29 mai 2009 concernant l'évaluation des incidences sur l'environnement humain et naturel de certains projets routiers, ferroviaires et aéroportuaire), steet de Projet "Countournement d'Alzingen" an der zweeter Novemberwoch op der Dagesuerdnung vum Regierungsrot, wou dann d'Decisioun betreffend dem Tracé an der Envergure vun de Kompensatiounsmesurë geholl wäert ginn.

Op Basis vun dëser Decisioun wäert den detailléierte Virprojet wéi och d'Kompensatiounsmesurë vun der Stroossebauverwaltung weider ausgeschafft a finaliséiert ginn. Eréischt wann dës Etuden ofgeschloss sinn, kann de Projet vun engem Finanzéierungsgesetz presentéiert ginn.

Dës Etudë misste spéitstens am Mäerz d'nächst Joer ofgeschloss sinn, fir dass d'Chamber nach virum Summer ee Finanzéierungsgesetz kéint stëmmen, an dat och just wann déi prozedural Delai'en optimal kuerz bleiwen.

Well dës Etuden awer elo eréischt lancéiert ginn, ass een Ofschloss vun dësen am Mäerz 2023 onrealistesch. D'Grënn fir des Verspéidung ass op d'Consultatioun vun der Ëffentlechkeet zréckzeféieren. Dës Consultatioun huet de 25. Februar dëses Joers ugefaangen, hätt awer schonns missten d'lëscht Joer am Hierscht stattfannen, esou wéi an der ëffentlecher Presentatioun am Multifunktiouns-Zenter CELO zu Hesper am Juli 2021 annoncéiert.

Am Projet vum Staatsbudget 2023 ass de "Contournement d'Alzingen" souwuel um Niveau vun den Etude, wéi och op der "programmation financière pluriannuelle pour la période 2021-2026" vum Fonds des Routes virgesinn.

Lëtzebuerg, de 4. November 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch